



Ref. : FLMP-2020-241

## Newsletter 3 / 2020

Oktober 2020

### Kalenner 2021

Nodeems mir ee ganzt speziellt Joer geschwënn hannerun eis hunn, musse mer awer elo och erëm e Bléck no vir werfen.

Eis Relance vun de Wanderungen huet nawell ee grouse Succès esou datt de Verwaltungsrot vun der FLMP beschloss huet, datt vum 1. Januar 2021 un, all eis Wanderungen, déi am Kalenner stinn, mussen ugebuede ginn, esou wäit keng nei Restriktiounen vun eiser Regierung kommen.

Et musse mindestens zwou gezeechent Strecken ugebuede gi vu +-5 a vun +- 10 Kilometer. D'Méiglechkeet bleift bestoe fir och aner Strecke mat enger Wander-App ze wandern an och de selwechten Dag op der Startplaz kënnen ze stempelen. Dësen IVV-Stempel ass awer nëmmen den Dag vun der Wanderung méiglech. Op aner Datumer gewandert Strecke kënnen net mam IVV-Stempel vun der respektiver Wanderung validéiert ginn.

Fir de Flyer sti fir d'Joer2021 nei Logoen zur Verfügung. Dës kënnen iwwert eisen Internetsite [www.flmp.lu](http://www.flmp.lu) ënnert Rubrik „Downloads“ erofgeluede ginn.

Eise Kalenner geet an den nächsten Deeg an den Drock a steet ab ufanks Dezember fir de Verlaf zur Verfügung.

Wann Iessen a Gedrénks ugebuede gëtt, muss natierlech och dat bestoend Covid-Reglement agehale ginn.

Alleguerten hoffe mer, datt eis traditionell IVV-Wanderung erëm esou lues kënne Fouss faassen a mir erëm all zesumme eis esou vermësste Gesellegkeet kënne genéissen.

### Kalenner 2020

Fir de Rescht vun dësem Joer ginn nach e puer IVV-Wanderunge mat digitale Méiglechkeeten ugebueden.

Mir soen alle Veräiner Merci, déi sech an dëser Zäit bereet erkläert hunn, fir trotz schwéiere Konditiounen eng Organisatioun op d'Been ze stellen.

Dofir och nach eng Kéier den Opruff un all d'Veräiner, sech massiv un dësen Organisatiounen ze bedeelegen, wou mir kënne beweisen, datt eise beléiften IVV-Wandersport nach net gestuerwen ass. Fir Veräinssortië bleiwe jo nach vill fräi Datumer. Hei den aktuelle Programm bis Enn 2020 mat gezeechente Strecke vu +- 5 & 10 km. Permanence fir Startgeld a Stempel vun 09.00 – 17.00 Auer

25.10.2020	Jonglënster	06.12.2020	Préizerdaul
08.11.2020	Kayl	12.12.2020	Stad Lëtzebuerg (Chrëschtmaart)
14-15.11.20	ALD virtuell Marsch	20.12.2020	Äischen
29.11.2020	Hamm	27.12.2020	Biereng bei Miersch

### **Digital Cupen mat IVV-Validatioun**

Zënter Juni dëst Joer bidde mir eise Wanderer d'Méiglechkeet, fir sech nieft eise Permanente Wanderweeër och op anere schéine Plazen am Land IVV-Stempelen zesammelen. Dës nei Approche ass och ganz gutt ukomm an et sinn an der Tëschenzäit schonns vill Kilometeren op den Auto-Pédestre, dem CFL Rail& Trail, dem Camino souwéi och bei de lokale Cupen zu Jonglënster, Fiels a Kayl getrëppelt ginn.

Fir weidere Leit d'Participatioun mat digitaler Hëllef ze erméiglechen, wäre mir frou, wann d'Veräiner hire Memberen eng Persoun géifen zur Verfügung stellen, fir si an déi digital Welt anzeféieren.

D'FLMP gedenkt an dem Sënn eng Formatioun ze organiséieren, wou ee Verrieder vun all Veräin soll derbäi sinn, deen duerno säi Wëssen un d'Veräinsmembere weider gëtt. Veräiner, déi schonns esou eng Persoun hunn, brauchen natierlech net un dëser Formatioun deelzehuelen.

### **Chrëschtwanderung**

D'Organisatioun vum Stater Chrëschtmaart ass elo confirméiert. Dofir kënne mir iech matdeelen, datt och dëst Joer eng Wanderung duerch déi schéin dekoréiert Haaptstad organiséiert gëtt.

Reservéiert Iech elo schonns den 12. Dezember 2020 a profitéiert vun der flotter Chrëschtstëmmung a Chrëschtbeliichtung an eiser flotter Stad Lëtzebuerg.

### **Shop**

De Wanter kënnt méi no an dofir si mir am Gaang fir eise Shop och erëm opzestocken. Deemnächst bidde mir erëm flott Mutzen a Buffen un mat dem flotte Logo vun der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun.

Wanderer, déi een IVV-Stempelheft (Kilometerheft oder Participatiounsheft) brauchen, kënnen dëst iwwert eisen Internetsite [www.flmp.lu](http://www.flmp.lu) bestelle grad esou wéi och de komplette Saz vun de PW-Startkaarten. D'Liwwerung geschitt mat der Post nodeems d'Iwwerweisung vum Montant bei der FLMP agaangen ass.

### **Wanderer des Jahres**

Och dëst Joer wëlle mer erëm de „Wanderer des Jahres“ éieren. An de nächste Woche publizéiere mir d'Reglement op eiser Internetsite. Mir géifen eis freeën, wann d'Veräiner hir Membere géifen encouragéieren, fir sech un dësem Challenge ze bedeelegen.

Bleift fit a gesond.